N° 4507
Entrée le 15.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro N° 4507 vum 21. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement zum Sujet « Accès des États-Unis aux données biométriques des citoyens luxembourgeois ».

1. Ass der Regierung de geleakten Entworf vum EBSP Framework Agreement vum Mee 2026 an déi domat verbonnen EDRi-/Statewatch-Analys bekannt? Wéi bewäert d'Regierung déi doran opgeworfen Kompatibilitéitsfroen mat der EU-Grondrechtscharta a mat der DSGVO?

Et gëllt ze bemierken datt der Regierung déi definitiv Versioun vum EBSP Framework Agreement nach net virläit. D'Regierung bezitt keng Stellung iwwert geleakten Dokumenter oder extern Analysen déi iwwert geleakten Dokumenter ausgeschafft goufen.

2. Wéi eng Positioun huet Lëtzebuerg bis elo an de Rotsverhandlungen zum EBSP Framework Agreement vertrueden, a stëmmt dës mat der ursprénglecher Verhandlungsmandat-Linn vum Dezember 2025 iwwerteneen?

Wéi an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n° 3430 an 3737 erkläert, vertrëtt Lëtzebuerg säit dem Ufank vun de Verhandlungen d'Positioun datt den Informatiounsaustausch tëscht der EU an den USA op den 3 Krittäre vun der Necessitéit, der Proportionalitéit an der Reciprocitéit soll baséieren, wéi dat am Verhandlungsmandat virgesinn ass.

3. Ass d'Regierung der Meenung, datt den aktuellen Text vum Framework Agreement de Krittäre vum "essentially equivalent" Schutzniveau fir international Datentransferten, wéi vum Europäesche Geriichtshaff verlaangt, erfëllt? Gouf dëst intern oder mat externe Juristen analyséiert?

Mam Verweis op d'Äntwert 1 gëllt ze bemierken datt der Regierung déi final Versioun vum EBSP Framework Agreement nach net virläit.

4. Wéi eng Kategorien u lëtzebuergesche Bierger-Donnéeën (biometresch Donnéeën, Risiko-Indikatiounen, aner sensibel Informatiounen) géingen am Kader vun engem spéidere bilateralen EBSP-Ofkommes tëscht Lëtzebuerg an den USA potenziell un d'US-Autoritéiten transferéiert ginn?

D'Kategorië vun Donnéeën déi vun engem potenzielle spéidere bilateralen EBSP-Ofkommes tëscht Lëtzebuerg an den USA concernéiert wieren, stinn nach net fest a sinn Deel vun de Verhandlungen.

5. Wäert d'Regierung sech an de weideren Negociatioune fir explizit Schutzklausele géint eng Diskriminéierung op Basis vu politeschen Iwwerzeegungen, Geschlechtsidentitéit oder anere geschützte Charakteristiken asetzen?

D'Positioun vun der Regierung ass an der Äntwert op déi zweet Fro rappeléiert ginn.

6. Wéini gedenkt d'Regierung, d'Chamber iwwer de Stand an den Inhalt vun de Verhandlungen ze informéieren, respektiv den Text virun der Ënnerschrëft vum Framework Agreement an engem spéidere bilateralen EBSP-Ofkommes der Chamber zur Consultatioun virzeleeën?

D'Chamber géif, wéi fir all internationalen Accord, consultéiert gi fir hir verfassungsrechtlech Prerogative kënnen auszeüben.

7. Wéi eng Roll gesäit d'Regierung fir d'CNPD (Commission Nationale pour la Protection des Données) an dësem Dossier vir, a gouf si scho consultéiert?

D'Missioune vun der CNPD sinn am gesetzleche Kader virgesinn. D'Regierung wäert déi zoustänneg Acteure gemäß de gesetzleche Virgaben abannen.

8. Sollt sech erausstellen, datt den ausgehandelten Text net mat EU-Recht vereinbar ass, wäert sech Lëtzebuerg géint eng Ënnerschrëft vum Framework Agreement an dëser Form asetzen?

Mam Verweis op d'Äntwert 1 gëllt ze bemierken, datt der Regierung déi final Versioun vum EBSP Framework Agreement nach net virläit

Lëtzebuerg, de 15. September 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN